N°2670
Entrée le 31.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister, Luc Frieden, vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus, vum Inneminister a vun der delegéierter Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit op d'parlamentaresch Fro n° 2670 vum 25. Juli 2025 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement.**

**1. Huet d'Regierung wëlles fir eng Analyse vum POST-Ausfall vum 23. Juli 2025 ze maachen, an ënnersicht si d'Veräffentlechung vun dëser Analyse, dorënner d'Ursaachen an d'Konsequenze fir d'Noutfallkommunikatioun - fir esou dorausser Lektiounen ze zéien?**

Den HCPN koordonéiert de Moment d'Aarbechte fir déi néideg Léieren aus dem Incident ze zéien. Am Kader vun dësen Aarbechte gëtt e Bilan gezu wéi d'Impakter an d'Konsequenze fir déi verschidde Secteure waren. Et gëtt genee gekuckt wéi eng Servicer weider funktionéiert hunn a wéi een déi verschidde komplementar Kommunikatiounssystemer, déi deelweis op verschiddenen Technologië baséieren, an änleche Krisesituatioune besser notze kann.

Déi konkret Ursaach vum Ausfall bei der Post gëtt an Zesummenaarbecht tëscht dem nationale Computer Security Incident Response Team (CSIRT) an der Post am Detail ënnersicht. Dës Analyse ass e Bestanddeel vun enger Enquête beim Parquet.

**2. Wéi vill Leit waren tatsächlech betraff vum Ausfall vun den Noutruffnummeren 112 an 113, an huet dëst zu Verspéidungen oder verhënnerten Noutfallinterventioune gefouert?**

D'Noutriff 112 (CGDIS) an 113 (Police) waren zu all Moment operationell, et gouf keen Ausfall vun dësen Nummeren. Allerdéngs konnten déi Léit mat engem POST-Abo den 112 an den 113 zäitweis net erreechen. Dëst loung dorunner dat de verbleiwenden 2G Reseau vun der Post iwwerlaascht war a doduerch vill Leit net duerchkomm si fir ze telefonéieren.

Bei deenen 2 Noutruffzentrale gesäit Ee wéi vill Leit uruffen, et huet awer net d'Méiglechkeet ze gesi wéi vill Leit et probéieren, an net duerch kommen. Normalerweis géif een dann erwaarden, dat ob eemol vill manner Uriff kommen. Allerdéngs war d'Zuel vun den Noutriff deen Dag generell relativ niddereg, sou dat een net direkt gemierkt huet dat nom Ufank vum Incident manner ugeruff gi wier.

Zesumme mat der Santé an de Spideeler gouf nom Incident iwwerpréift, ob et duerch dës Problemer zu Verspéidunge mat negative gesondheetleche Konsequenze fir e Patient komm ass. Dat ass no Allem wat bis Haut gewosst ass net de Fall.

**3. Wat sinn déi technesch Barrièren, déi e "National Roaming"-System zu Lëtzebuerg verhënneren, wou d'Clientë vun engem Operateur automatesch op en aneren Operateur switche kënne wann hiren Haaptréseau net verfügbar ass?**

Den ASTRID Reseau ass en dediéierte Reseau fir déi belsch Services de Sécurité et de Secours, vun der Finalitéit änlech dem Lëtzebuerger RENITA Reseau mee mat méi grousser Bandbreet fir groussen Datentrafic ze erméiglechen. Et handelt sech also net ëm en "réseau de communications électroniques accessible au public". Vu datt den ASTRID Réseau selwer awer just iwwer limitéierte Spektrum am 700MHz Band verfügt an och bei wäitem keng landeswäit Ofdeckung mat dësem ASTRID Spektrum

virgesinn ass, muss de nationalen ASTRID Reseau via d'Implementéierung vu nationalem Roaming mat den Operateuren, déi de Nopesch-Spektrum am 700MHz Band bedreiwen, realiséiert ginn.

D'Implementatioun vun engem nationale Roaming hätt den 23. Juli keng Verbesserung vun der Situatioun bruecht well et aus technesche Grënn net funktionéiert hätt oder d'Reseaue vun den aneren Operateuren de groussen zousätzlechen Trafic net hätten opfänke kennen an et doduerch och zu seriöse Stéierunge bei dëse mobile Reseaue komm wär.

**4. Plangt d'Regierung, dem Institut Luxembourgeois de Régulation (ILR) e Mandat ze ginn, fir obligatoresch National Roaming-Accorden z'etabléieren, déi automatesch aktivéiert gi wärend Netzpannen déi d'Noutfallservicer beaflossen?**

Wéi an der Äntwert op d'QP 2652 präziséiert, wäert d'Méiglechkeet vun esou enger Léisung awer trotzdeem a weideren techneschen Analyse mat consideréiert gi fir keng Pisten ze vernoléissegen. Sollten sech no dësen Analysen technesch Méiglechkeeten als realisabel erausstellen, kéint iwwer legal oder reglementaresch Dispositiounen nogeduecht gi fir des technesch Solutiounen ze imposéieren. Fir dass dës wierksam sinn, mussen se vun entspriechenden techneschen an operative Prozeduren encadréiert ginn.

**5. Wéi ass d'Performance vum LU-Alert-System wärend dem POST-Ausfall gewiescht, a wat sinn d'konkret Mesurë fir sou Verspéidungen an Zukunft ze verhënneren?**

U sech huet den LU-Alert-System fonctionéiert. Allerdéngs sinn d'Message bei de Clientë vun engem Post-Abonnement net oder mat Verspéidung ukomm. Dëst erkläert sech duerch déi uewe beschriwwe Problemer beim Post Reseau. Wéi och an der Äntwert fir déi parlamentaresch Fro Nummer 2652 geschriwwen, ginn aktuell déi néideg Analysen duerchgefouert. Déi haiteg mobil Telekommunikatiouns-Reseaue sinn technesch komplex Systemer déi aus villen, aneneegräifenden Eenzelelementer bestinn. Incidente kënnen deemno op ville Niveaue passéieren déi fir d'Clientë jeeweils ënnerschiddlech Repercussiounen hunn. Deemno gëtt et och méi wéi eng technesch Variant vun Handyreseauausfäll op déi mat enger passender technescher Léisung kéint reagéiert ginn. Fir esou Léisungen auszeschaffen si pousséiert technesch Analyse noutwenneg.

**6. Kann d'Regierung eng detailléiert Lëscht vun alle kriteschen Technologiefournisseuren an eiser Telekommunikatiounsinfrastruktur zougänglech maachen, opgedeelt no Ursprongsland a Kritizitéit?**

Aus evidente Sécherheetsgrënn kënnen des Informatiounen, déi confidentieller Natur sinn, net ëffentlech zougänglech gemaach ginn.

**7. Wéi vill Prozent vun eiser kritescher Telekominfrastruktur (5G Core Networks, Fiber Access Nodes, Signaling Systems) baséiert op net-europäesch Technologie?**

Aleng d'Post huet iwwer 10.000 eenzel Equipementer an hirem Reseau stoen an et ass onméiglech fir jidder eenzelt Equipement dat ze soen.

**8. Wat sinn d'konkret Mesuren, déi d'Regierung hëlt fir eise groussen Telekomoperateur POST z'encouragéieren, europäesch Fournisseuren ze favoriséieren an d'Ofhängegkeet vun net-europäescher Technologie ze reduzéieren?**

D'POST huet beim Opbau vu sengem mobile Reseau (2G, 4G a 5G) komplett op europäesch Fournisseure gesat a wäert och weiderhi beméit si fir méi Resilienz a Sécherheet an hir Reseauen ze integréieren. Doriwwer eraus ginn et och Beméiunge fir Equipementer vu Net-EU-Fournisseuren ze remplacéieren.

**9. Wéi participéiert Lëtzebuerg un europäeschen Initiative wéi Gaia-X fir eisen sou genannte "Souverenitéitsstack" an der Telekommunikatioun z'entwéckelen?**

Lëtzebuerg mécht mat verschiddenen Entitéite bei GAIA-X mat, an zwou Entitéite sinn indirekt Partner am wichtegen europäesche Projet "Cloud Infrastrukturen a Servicer" (IPCEI-CIS oder 8RA), deen d'Zil huet, en europäesche souveräne Stack opzebauen fir d'Ëmsetzung vun engem Cloud-Edge-Continuum, wat eng wichteg Roll fir d'5G spille wäert.

**10. Huet d'Regierung eng Roadmap fir d'Reduktioun vun net-europäeschen Ofhängegkeeten an eiser kritescher Telekominfrastruktur, a wa jo, iwwer wéi een Zäitraum?**

Den Incident vu leschter Woch an änlech Incidente bei aneren europäeschen Telekom-Provideren weise virun allem datt et wichteg ass en diversifizéierten a concurrentiellen Telekom-Ecosystem hei zu Lëtzebuerg ze hunn.

Lëtzebuerg, de 31. Juli 2025

Den Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN